Eischten Akt

Mätt: (iergert sech)
Wât ass dât eng Rabb'lerei
dös Woch an dém Haus elei
'T get gespe'nt,geschrubbt geriwen...
Ech gin ömmer fortgedriwen...
'T huet én guer neischt me' ze sôn...
Soss geiw alles ânescht gôn...
Wât ass dât dach e Geknechels...

Iwerdém den Mätt sech iergert,könnt d'Madame eran,e Schnappech um Kapp,eng Bîscht an der Hand,sie sét ganz béis zum Mätt:

Madame: Hâl,'mol op mat dém Gestechels...
Hun ech dir net schons gesôt
Wien am méschten ass geplôt....
(wichteg) dât sin... ech,du dommen Alen...
(béis) wölls de dach den Mond 'mol hâlen
An nu mâch dech vif eraus...

Mätt: (ganz wichteg) Wien ass Méschter hei am Haus?...
Wârt,du le'ers mech nach kennen...

Madame: (an engems dat sie den Mätt wöllt erausstoussen)
Hop,du hönners allenennen
Mâch dech huerteg hei ewech...
(den Mätt gét aus,sie fiert virun)
(verdresslech)Nén,wât hun ech awer Pech...
'T ass keng Môd déi hei wöllt bleiwen
An ech kann mech dann entleiwen...
Fir all Arbechten ze mâchen.
(verächtlech) Mânnsleit...sin elauter Drâchen
Eise sét:"dann lôss et sin...
Jo,mein Gott,dât kann neischt gin...
Ech kann ouni môd neischt schâfen
'Tmuss én d'Bén sech stompech lâfen...
Hautzudâchs ass net vill lass...

Mätt: (könnt eröm eran an önnerbrecht d'Madame)
Wéss de dann 'lo we' et ass?
Hâl onst Mina môl heihém...

Madame: (ganz béis) Könns de schons eröm mat dém...
d'Kand soll dach le'eren goen.
We' dack muss ech der dât soen...
Dommen,groussen Efalt do...
)ganz wichteg) Sin mir dann net so' deck do

Dass eng Mòd mir können hâlen
Mir sin dach 'so' vill we' d'Zâlen...

Mätt: (iergerlech) 't könnt keng Môd mer me' an d'Haus,
Soss werfen ech se raus

Madame: (se'er) Du hues neischt do dran ze soen...
Wölls de un deng Arbecht goen...
(sie wöllt den Mätt eröm erausssto'ssen,hien bleiwt ower dobannen)

Mätt: (an engem gemittlechen To'n) Jéjé,lôss mer môl en verstännegt Wuerd matenén schwetzen... Du hues ében elo keng Môd,an et ass och bestömmt keng Aussîcht fir nach eng virun der Kirmes ze kréien...Durfir...wann et mengem Iddée no geng goen,dann géiwen mer keng Kirmes mâchen...

Madame: (braust op) Wât?... Keng Kirmes mâchen... an wât ass?... Du gés ower ömmer gär bei déi âner Leit op d'Kirmes...An dann och nach...wann mer och keng géiwen mâchen...dann muss d'Kirmesbotz ower gemât gin...

Mätt: (lâcht( d'Kirmesbotz...wéi wann d'Haus dorönner geng leiden wann et net zwémol am Joer géiw gebotzt gin...Die méscht Leit mâchen nömmen eng O'schterbotz...Ech froen mech iwerhâpt wât fir en Zweck ass all deng Botzerei huet...

Madame; (ongedölleg) An ech froen mech wât fir en Zweck ass all deng Totzerei huet...Iwerhâpt,ech hun eng Annonce an d'Wort gesât fir eng Môd ze fannen... an wann et gudd gét kann ech haut schon eng Kréien...(lauschtert) huet et elo net geschellt? Dât wärd schon eng sin...

Mätt: (spöttesch) Lôss mech kucken wien et ass...

Madame: (iergerlech) Wölls de goen...nondikass...(sie dréd dem Mätt mat der Bîscht d'Môd,déi zimlech vermoschtert ass,könnt iwerdéms schon de' âner Seit eran.Ier de Mätt ausgét,kuckt en nach eng Kéier zrck)

Mätt: Wât ass dât mer ént...o mei...

Môd: (ganz hârd) Gudde Moien ,sin ech hei bei Familjen Prommenhut?

Madame: (Verwonnert) sôt,ma héiert dir net gudd??
dass der d'Haus so' voll musst bröllen...

Môd: (beleidegt) Wât sôt dir?...An d'haus ze tröllen...
(röselt den Kapp) Ech koum dach esou lues eran...

Madame: (ganz deitlech) Ma dir hut mech net vetstânen.
Ech frôt op dir net gengt he'eren?...

Môd: (hällt d'Hand bei d'Oer) Ah...op ech wöll kache le'eren...

Madame: (hârd a langgezun) Nééén...op dir gudd verstidd?...

Môd: (iergerlech) Wou hun ech dann hei gestritt...
Dât ass mir nach net passe'ert...

Madame: (ongedölleg) Dass én ower guer neischt héiert
dât hun ech nach net gesin...

Môd: Op der vrun der Dîr nach stin?...
Jo...do stongen der nach 4

# Eng verwéckelt Kënnes

3. Oplâg

Persounen:

1. Akt:
1. De Mätt (den Här Prommenhut)
2. Seng Fra (d'Madame Prommenhut)
3. 1. Môd
4. 2.Môd, d'Nanny
5. 3. Môd, d'Peppy
6. 4. Môd, d'Laura
7. Marianne (hîr âl Môd

2. Akt:
1. den Mätt
2. seng Fra
3. d'Marianne
4. 3 âner Méd
7. eng Lompefrâ
8. Mina (Duechter vum Haus)

3. Akt:
1. Mätt
2. Seng Fra
3. Mina
4. Eng Cousine vum Mätt matt 3 Kanner
8. Jeannette (eng Fröndin vum Mina)
9. eng âl Mattant
10. d'Marianne

Décors: Eng Stuff;Dösch,Still an eng Chaise-longue

Madame: (se'er) Ma dann gitt dir alt schon se'er...
Well ech kann iech net gebrauchen...

Môd: We'?soll ech mech hei verkrauchen?...

Madame: Néh,ech sôt dir könnt schon goen...

Môd: Wât soll ech zu dénen soen..?

Madame: (béis) Neischt,mâcht iech elei eraus
Well dât Bröllen hei am Haus
Geng ons all och net gefâlen...

Môd: Wât? den Mond soll ech hâlen...
(fir sech) Wât déi mech hei kommandéiert
Dât ass einfach onerhéiert...
Hei kann jo kén Mönsch bestoen...
Lôss mech léiwer gleich 'röm goen

(Iwerdém se ausgét,könnt en ânert Médchen eran,ganz opfälleg gekléd an zimlech grell geschminkt)

Madame: (fir sech) Kanner,wât könnt do eran...

"2.Môd: (Gestikuléiert vill) Ah,bonjour...Mein Numm ass Anne...
Mé dir könnt mech Nanny nennen...

Madame: (röselt den Kapp) Soll dât do alt eppes kennen...
Wât am Stôt muss gemâch gin?...

Nanny: (setzt eng beleidegt Minn op) Mé,Madame,wou denkt dir hin.
(wichteg) Ech war well op 2o Plâtzen...
Hei bei Rullen...Zillen...Matzen...
Du bei Klôsen an beim Hopp...

Madame: (ongedölleg) Hâlt öm Gotteswöllen op...
Wât kann mir dann dodrun leien
Guddes kann et nie bedeien ..
Wann én hei an duer bâl gét...

Nanny: (verdresslech) Dât ass well kén Mönsch verstét
Wann én we' et sech gehe'ert
Sech fir Kino intresse'ert...
Ech geng gär an s'alleguer
Ma sie sôten all,t'geng duer
Wann ech Sonndes dran geng goen...
Ma dann kann ech net bestoen....
(Begéschtert) Filmstar...ass sou intressant...
Huelt emol den Garry Grant
an d'Greer Garson,d'Ingrid Bergmann
d'Shirley Temple an den Tarzan...
den Bing Grosby an d'Joan Grawford
d'Yvonne Sanson,d'Rita Hayword

d'Annabella wärd dir kennen
Viviane Leigh wollt ech nach nennen
Och den Robert Taylor...an
(krömmt sech vu lâchen) de Laurel mam Hardy dann...
Muss én do net krank sech lâchen
Wann déi 2 hir Spîchten mâchen..

Madame: (ongedölleg) Mé dann hâlt iech dach nöt drun...

Nanny: (wichteg) O,ech fänken dach 'resch t un...
Huet dir d'Hephrun scho gesin...

Madame: (gelangweilt) Ma,dir wärd iech dach bâl gin...

Nanny: O,ech wéss nach eng ganz Rei...
Ma sie fâlen mir net bei...
Ech kann iech déi spéider soen...

Madame: (fir sech) Dât ass iwerspânt dât doen...
(zum Nanny) Wât ech brauch...dât wär eng Mòd,
De' schon eppes kann am Stôt.

Nanny: (séier) Mé ech kann dach schon genuch
(wichteg) d'Kachen,dât stét dach am Buch
d'brauch én nömmen dran ze liesen
t'huet én enzock dach en Iessen
Och du mein...t'ass keng Affair
Ech bléiw ower nawell gär

Madame: 't ass schon gudd,dir könnt gleich goen....

Nanny: (verdresslech) Dass kén Mönsch mech wöllt verstoen...
(trotzeg) Bémol gin ech fort fir gudd
(wichteg) A vleicht gleich op Hollywood
(an engems ass et ausgét) An do wärd ech Carrière mâchen...

Madame; Wât din déi én ower lâchen
Hei,well könnt schon Nummer 3

3.Môd: (fröndlech) So' Madame do wär ech hei
An ech héschen Peppy Dicher...

Madame: (kuckt verwonnert op dén decken Arbel Pianoshefterdén d'Peppy önnert dem Arm huet an op den Dösch nidderlét)
Wât hut dir dann do fir Bicher?

Peppy: (sengt op d'Weis vun schön ist ein Zylinderhut)
d'Musik könnt mat mir an d'Haus,juch-hei-di,juch-hei-da
d'Walzen all vum Johann Strauss, id id
Symphonien,Serenaden
Ouvertüren a Sonaten,juch-hei-di,juch-hei-da........
Vum Tchaikowsky,Schumann,Mozart,juch-hei-di.......
Webr,Schubert a Franz Lehard .....
Vum Tosselli,Offenbach
Vum Rossini a vum Bach, juch-hei-di,juch-hei-da.....

Beethoven a Mendelson juch-hei-di.....
Ah,Madame,ech kann iech sôn,...
Dem Bocchini seng Menuetten
Melodien aus Operetten,ju-hei-di.....

Och die allerneitsten Schlager,.......
Hun ech alleguer op Lager....
A wann dir en Piano hut
Spillen ech iech extra gudd......

(hat danzt an engems)
Walzen,Tango,Marsch,Gallopp
Polka,Foxtrott...

Madame: (fiert mötten am Sâtz virun an sengt op déi selwecht Weis)
hâlt dach op.....

Peppy Dir wärt dach en Piano hun...
Soss,Madame,soss sin ech drun,juch-hei-di....

Madame: (sét fir sech) Do ass glât neischt unzefänken
(zum Peppy) Sôt,dir wärd iech dach nöt denken,
Dir braicht soss neischt hei ze mân
So'ént stellen mir glât net an...
(dreckt em seng Bicher eröm önnert der Arm an ste'sst et zur Dîr aus)
Mâcht iech gleich ewech...a séier...
Lô könnt d'Rei un Nummer 4

4.Môd (könnt eran) ah...good morning...me voilâ
and my name...der ist Laura

Madame: (verwonnet) Wât schwätzt dir dann fir eng Sproch?...

Laura: (wichteg) Alleguer,und lerne noch...
Et,je sais déjà beaucoup
I know french and english too...
Italienisch,deutsch,latein
Spuenesch and if it muss sein
Je vous parle aussi du grecque

Mätt: (dén iwerdéms erankönnt) A wât ass dann hei,o freck
Ass dann d'Welt ganz op der Kopp
Wéini héiert dât möl op?

Laura: (lâcht dem Mätt ganz fröndlech)
Ah,monsieur,cela va ganz fein
Can you speak aussi latein?

Madame: (ganz béis zum Mätt) Mâch dech dach eraus elei
(zum Laura) an dir könnt och goen hei
well dir mâcht mech ganz nervös...

Laura: (gemittlech) Mé,Madame...do not be bös
You will see avec le temps
Fannt dir dât très amusant...

Madame: (béis) Wann ech iech jo soen :gitt
Ech sin dés Geschwätz scho mitt...

Laura: (mecht wéi wann et neischt verstânen hätt)
Non capisco,wât dir sôt...

Madame: (nach méi béis) Dir hut mecht genuch geplôt.
Mâcht iech vif eraus elei...

Laura: (verwonnert) Ah,c'est ça.(fröndlech) eh bien,good bye...

Madame: (Léisst sech op en Stull fâlen)Ech sin erlédegt...A wât soll ech nömmen mâchen...(sie denkt no) Aha...wann ech onsem Marianne geng telefnéieren.Déi gudd âl,trei séil,léisst mech bestömmt net am Stach Dât war dach nach eng Môd..Trei 'wéi Gold,an geschafft huet et vu muerges bis owes.... Wann ech him keng Arbecht gin hun,dann huet et sech der selwer gesicht.Wann et mer wéinegstens nömmen dös Woch geng aushöllefen...(sie gét bis bei d'Fönster) Hei...ma do könnt jo grâd ént ewéi d'Marianne...Öm Stand,et heut et an der Zeitung gelies...dât wär jo zevill schéin.(frédeg) Dann könnten mer elo Kirmes mâchen...

Marianne: (eng éler Persoun)... Moien madame Prommenhut

Madame: (gött em d'Hand ) Moien,ma die do ass gudd ...
dass ém iech erömgeseit
dir kommt mir lô grâd zur Zeit...

Marianne: Ech gesuch am Wort et stoen
Dass dir iech eng Môd gengt froen
An du duecht ech,géi môl duer
Wéinigstens môl haut a muer
Wann dir îren keng gengt fannen
Kommt der allenennen hannen
Just lo an der Kirmeswoch
An ech bléiw dann nawell och
Nach en etlech Dég derno
An dèr Zeit ass vleicht eng do

Madame: Ma,dann bleiwt dir roeg hei
Dir sit besser wéi eng Nei
Déi én alles nach misst léiren
(irgerlech) An déi nach net geng paréieren
Ei,wât wôr dât eng schéin Zeit
't wor én guer net méi geheit
Wéi dir hei wôrt,Marianne
(rifft zur Dîr aus) Mätt,hei komm direkt eran

Onst Marianne dât ass 'röm hei
Kuck,dât nennt én brav an trei..

Mätt: (kennt eran,gött dem Marianne d:Hand ,a sét fröndlech)
Gudde Moien,ech sin frouh
Well dann kritt meng Fra 'röm Rouh
Sie war schrecklech ongedölleg...
(senger Fra récht en 3 opgerassen Bréiwer a sét)
Kuck,d'Méd sin trotzdém nach völleg
Ech krut grâd 3 Bréiw elei

Madame: Hoffentlech ass ént derbei
Wât mer können engagéieren
Kommen sie sech présentéiren?

Mätt: Haut de Mötteg wär'n se hei

Madame: (frouh) Dann ass alles an der Rei..
Lôss mer enzock virun fueren
mat dem Botzen,well den Mueren
ass et absolut neischt gin...
Marie-Anne komm gleich heihin...
(iwerdém sie ausgin) Ei,wât kréien mer elo Fréd
d'Kirmesbotz gött gudd gemét...

...Rideau...

## 2. Akt

Die selwecht Stuff,ma alles durchernén...d'Still um Dösch asw.
Am Eck stét eng Chaise-longue matt enger Decken an e puer Coussins
(Wann den Rideau ongét,gét den Mätt op an of an iergert sech)

Wât hun ech mech 'lo gebascht
Lo gött emol eng Stonn geruscht
A wann alles schief geng goen
Ömmer héscht et:mâch dât doen
an dât hei an dât elei
Mätt komm hier an Mätt komm hei...
Komm huel d'Matrazen eraus
Dro d'Ressoren virun d'Haus...
Mätt lâf duer an Mätt pâck un
An den Mätt ass ömmer drun
Ma ech wärt iech eppes soen
Wann s'elo nôm Matty froen
Ass hien hémlech hei verschwonn
Well 't gudd geschlof eng Stonn

(hien lét sech op d'Chaise-longue ,deckt sech ganz mat der Decken zou an e puer Coussins uewendrop.Iwerdém héiert én vun baussen Spektakel. D'Madame könnt eran an sét an engems)

Madame: Hei, kommt heihin Marianne
brengt die do alt hei eran
(d'Marianne könnt gleich hannendrun eran,e ganzen Plönner Coussins opgelued,wât méi wât et besser ass,a geheit se op d'Chaise-longue)

Madame: 'twär dât bescht fir unzefänken
Gengt dir net dât selwecht denken?...
'd'éischt den Stöpps erof lânscht Wänn
Well geseit én mol un d'Enn
Nach die hei,da sin mir ferdeg
Dir sitt ower nach 'sou erdeg
wéi eng jong,dât muss ech soen

Marianne: (dât an engems d'Biller erof geholl huet,déi un den Wänn hungen)
Wuer soll ech déi Biller droen?

Madame: Drôt se einfach bis an d'Kichen
(sie rifft) Mätt....wuer gét én dén lo sichen?
Hei d'Chaise-longue muss virun d'Haus
Mätt,komm dro d'Chaise-longue eraus.
(béis) Well ass dén och nés dervun

Marianne: (könnt grâd eröm an wöllt direkt un d'Chaise-longue pâken)
Kommt,dann pâken ech alt un...

Madame: (séier) Nén,sie ass jo vill ze schwéier
(iergerlech) Mäatt, wou bass de? Mätt komm séier
(rifft zur Dîr eraus) Mätt, komm mâch dech dach erbei

Marianne: (beroegt d'Madame) Oh,dann klappen ech s'alt hei
d'Fönst'ren stin jo all grouss op
an den Stöpps jét aus...jé hopp
(an engems schléit et mam Klepper op d'Koussins,... den Mätt sprengt mat engem Sâtz op,rennt duerch d'Stuff an iergert sech)

Mätt: Dass én ne'rens secher ass
an dém Haus hei, nondikass...
Wöllt én beschen raschten goen
gött én hallef doud geschloen
(ömmer méi béis) Hätt én dach 'môl émol rouh
Wârt,mâr spären ech alles zou
Kirmes gött mer keng gemach...
'T gött geschlôf den ganzen Dâch...

Madame: (spöttesch) Ma dât wölle mer gléwen dass dén sech mar den ganzen Dâch op d'Bett lét... (béis) Géi iwerhâpt schon direct Du hönner dach nömmen iwerall...a gr-d wann én dech 'môl brauch fir d'Miwelen ze recken dann bass de nirgends opzedreiwen.

(et héiert én vu weitem eng Schell.De mätt gét bei d'Fönster)

:Mäatt: Hei et ass den Lompekréimer...

Madame: Dât huet elo och nach gefélt... Dorunner hât ech net méi geduecht.
Dann mussen mer elo séier d'Lompen beihand sichen.

(vun baussen héiert én iwerdém eng hârt Stömm)

Hé...brengt Lompen erbei...

(d'Lompefra streckt den Kapp zur Dîr eran a rifft mat enger Schriller Stömm:

Hé Madame,wéi ass et hei
Gitt är Lompen gleich lo sichen

(sie könnt bis an d'Stuff)

't gött Geschier fir an är Kichen
Döppen,Tellren,Schosslen,Vasen
Kasserollen,Kömp an Tâsen
Messeren fir an den Stôt
a Geschier fir bei d'Zalot
Passetten a Kuchenpânen
Hiertercher an blechen Kânen
Kréi vun jidfer Gréisst sin hei
Och e Filter ass derbei
Seibecken a schéi Passe-vitten
Oder eng Maschin fir d'Fritten
Brengt är Lompen all eraus
Sicht gleich no am ganzen Haus

(sie gét aus) Ech gin 'lo nach bis duerhannen

Madame: (rifft no) An dêr Zeit wärt ech s'all fannen
Kommt dir dann derno eröm

Lompefra: (vu baussen) Jo,an 10 Minuten sin ech hei

Madame: Dann ass alles an der Reih

(zum Marianne) Kommt Marianne mir gin se sichen

(d'Madame an d'Marianne gin aus)

Mätt: An ech gin emol an d'Kichen
Ech hun nach neischt z'iessen kritt
Dât ass mer nach net geschittt....

(iwerdém hien wöllt ausgoen,schellt et un der dîr)
den Mätt kuckt zur Fönster aus)

Mätt (ganz verwonnert) 3 Fraleit...ech froen mech wât déi wölles hun...
(bedenkt sech) Aha,et wärten déi 3 Médercher sin déi sech ugemllet
hun fir sech den Mötteg présentéieren ze kommen...An allen 3 matenén
Dât gött elo domm...Wât soll ech nömmen soen?...
(hien gét bis bei d'Dîr,an engems kommen die 3 eran a froen fröndlech
Sin mir hei bei Prommenhut?

Mätt: (ganz genéiert) Jo...hm...gesitt...verstitt ganz gudd...
Mir sin mat der Botz am gâng,
d'Fra hât grad hei ugefâng...
Sie ass... sie könnt direkt eröm

1. Môd: Oh,dât ass net weider schlömm...

Mätt: (gét séier eraus) Wârt,ech gin et enzock soen...
(die 3 bleiwen stoen an schwätzen önnerenén)

1.Môd: (iergerlech) An dén léisst én einfach stoen...

2. Môd: röselt den Kapp) Oh,et huet én énzock héiren
dien huet guer net vill Manéieren

3.Môd: (kuckt rondröm sech) Wât en Durchernén ass hei

1.Môd: Ja,'t ass guer neischt an der Reih

2.Môd: (geheimnisvoll) t' könnt mech ganz gelungen fir

3.Môd: (zimperlech) t'richt én d'Wichs bis virun d'Dîr

1. Môd: (iergerlech) Nén,dât do sin keng Sâchen
Fir den Spott mat ons ze mâchen
Kucken...wéi lâng mir hei stin?

2. Môd (virwötzeg) Wât soll d'Fra da fir eng sin?...

3. Môd (béis) Nöt vill weider wéi den Mann
Soss kéim sie direkt eran
Mir hun dach e Bréiw geschriwen
Da wär jidderén dach bliwen
An hätt hei op ins gewârt...

2.Môd: (gét bis bei d'Fönster a kuckt aus)
Hei... den Mann dié gét am Gârd...
(sie kucken allen 3 aus,a gesin nöt wéi d'Lompefra den Kapp zur Dîr erastreckt a ganz hârd rifft)

Lompefra: Hé,hé,sir d'Lompen beienén...
(Dei 3 dréinen sech direkt em,gesin ower neischt méi vun der Lompefra sie bleiwen e Moment sprachlos stoen danniergeren sie sech)

1. Môd: (béis) So' eng Frechhét sôt nach kén...

2. Môd: (nach méi béis) Dât ass einfach onerhéiert

3. Môd: (röselt den Kapp) Dât ass mir nach net passéiert

1. Môd: Dât ass net méi fir ze lâchen
't léisst kén Mönsch dât mat sech mâchen

2. Môd: Sôt,wât machen mir hei stoen...?
Lôss mer eiser Wé dach goen

3. MôdRichteg.... hei wöllt ech net bleiwen...

1. Môd; (iwerdém sie allen 3 ausgin) Wann sie selwer é verdreiwen
(D'Madame kuckt zur Fönster eraus a rifft hîrem Mann an dem Marianne déi mat 2 Mândelen Lompen erakommen,zou

Madame: Jo... sie hällt hei virum Haus
Kommt drôt d'Lompen gleich eraus

(d'Marianne gét aus,den Mätt dreint sech an der Dîr öm,könnt zreck an rifft ganz verwonnert:)

Mätt: A wou sin dann 'lo die 3

Madame: (ganz erféiert) Waren déi dann och schon hei?

Mätt: Jo,ech wollt dir et grâd soen
an du... hun ech jo misst goen
Lompen sichen op den Schapp

Madame: (ömmer méi béis) Bass du net méi klôr am Kapp
An du sés mir dât elo
(schléit d'Hänn um Kapp zesummen)
A wuer lâfen ech dénen no...
'T ass bâl fir sech opzehänken
An wât sollen déi 'lo denken
Ganz bestömmt wâr engt derbei
Wât mir könnten brauchen hei
Dât ass nömmen just deng Schold
Awer du hues schon net wollt
dass eng Môd mir sollten hâlen
(deierlech) 't ass fir einfach öm ze fâlen...

(sie léisst sech ip en Stull fâlen.Iwerdém könnt d'Lompenfra eran an d'Marainne,fir dénen âneren Kuerf sichen ze kommen

Lompefra: (iwerdém sie eran könnt) Hé... Madame,wât soll et sin?
Vleicht eng erden Flêschterrine?...
Fir den Pâté dran ze doen

(d'Madame sprengt eröm direkt op)

Madame: (zur Lompefra) Oh,ech brauch net matzegoen
d'Marianne wôr lâng am Haus
hat kennt sech an alles aus
(zum Marianne) Git,... dir wärt schon eppes fannen...

(sou bâl die 2 fort sin,fängt d'Madame eröm un iwer den Mätt ze jeitzen,dén bei der Fönster stét aus ze kucken)

Madame: (ganz béis) Oh... du groussen Bless dohannen
Op der Welt gött neischt méi 'sou

Mätt: (gemittlech) Lé dei Kapp dach môl a Rouh
D'Marianne ass jo lô hei
No der Kirmes...o mei
Bleiwt onst Nina schéin heihém...

Madame: (braust op) Könns de 'lo schon nés mat dém
Dât ass einfach onerhéiert

Mätt: (önnerbrecht) Kuck 'mol dass et kache léiert
't ass méi wichteg fir am Stêt

Pîr: Mamm, ech geng gär an den Gârd...

Cousine; Nén, du bleiws lo roeg hei...

Madame: Ma dach Cousine, losst d'Kanner roeg an den Gârd goen

(die 3 sprangen enzock op a rennen zur Dî eraus; d'Cousine no. An engems dass sie aus léft:)

Cousine: (opgerégt) Dât kann mir lo eppes gin... Ech muss onbedingt matgoen soss zertreppelen s'iech alles

Mätt: (iergerlech) Wât ass dât eng Band... An esou eppes haut gelued ze kréien...Hoffentlech...

(hien kuckt an engems zur Fönster aus) A wién könnt dann do?...

Madame: Ma dât ass d'Jeannette, onsem Mina seng Fröndin
Ma et hât dach gesôt et géiw se zreckbestellen...

(sie rifft) Mina...komm emol gleich eran...dohannen könnt d'Jeannette

Mina: (erféiert) Mei Gott!...ech hât jo ganz vergiess déi zreckze bestellen... A wât solle mer elo mâchen.?

Mätt: Kommen s'allen 3 ?

Mina: Ech hât se jiddenfalls allen 3 geruff

Mätt: Ma da si mer jo schéin ugeschmiert...aus welcher Ursâch riffs du dann och déi 3 Schölter op d'Kirmes?

Madame: Siew du dach nömmen roeg...du brauchs jo net ze kachen., 't ass gott sei dank Iessen genuch am Haus...an d'Marianne ass do...mir wärten scho gekacht kréien

(iwerdém schellt et)

Jeannette: (könnt eran a sét fröndlech)
Fir op d'Kirmes ze goen
Léisst én sech j keng 2môl soen

(göt d'Hand) Moien, Madame Prommenhut
A wéi gét et? Ömmer gudd?

(zum Mina) So, Mina, ech muss der et gleich soen: d'Madeleine an d'Trima können net kommen...

Mätt (fir sech) Gott sei Dank!

Madame: schumm dech....Hues da guer keng Manéieren?

Jeannette: d'Madeleine ass krank... an d'Trina huet missen dohém bleiwen well seng Mamm verrést ass

Mina: (zur Madame) Mir gin an déi âner Stuff

Madame: (bei der Fönster) Wién huet d'Mattant da geruff
Well könnt déi der jo net och

Mätt: (erféiert) Ma... ech...sôt zu hîr...d'läscht Woch
Sie soll môl op d'Kirmes kommen...

Madame: (iergerlech) An da sés du nach du dommen
Efalt do, dié läschten Dâch
'T gött keng Kirmes gemâch

(lâcht en aus) Dât ass dir grâd recht geschitt...

Mätt: (verdaddert) Kanner,well hun ech meng Britt...

Madame: Dabo,'t ass dach fir ze lâchen
(lâcht) Ei,mir können Kirmes mâchen.
Well hu mir scho Leit genuch

Mätt: (iergert sech) 't gét fir onse ganzen Kuch...

Madame: Me dann ass et nach égal
An ons Kirmes gött gehâl
Ei,lo gét et énzock lass

Mätt: (fir sech) Mei gudd Bett ...o nondikass...
(et schellt eröm)

Mattant: (eng zimlech vermoschtert âl persoun,déi ganz schwéierfälleg gét an sech op en Bengel steipt
Moien...utsch...meng ârem Bén...
Utsch...esou eng Peng huet kén...
Ech kann...utsch...bâl net méi goen

Madame: Kommt,dir musst iech setze goen...
Mätt,géi féier d'Mattant an...
An scheck d'Mina gleich eran...
(den Mätt féiert d'Mattant am Arem lues aus...d'Madame fänkt un den Dösch ze decken...d'Mina könnt eran)

Madame: Mina,géi d'Geschîr gleich sichen
An ech gin emôl an d'Kichen...

Mina: d'Marianne huet scho lâng,
Mat dem Kachen ugefâng...

Madame: Gott sei Dank,dât koum zur Zeit...
Wât wäre mir elo geheit
't ass eng Pèrel,sou eng Môd,
't mecht eleng dién ganzen Stôt...
(bedenkt sech) Mina...so, du dréis jo op...
(an dém Moment streckt d'Marianne den Kapp eran,wöscht sech den Schwéss of a frét)
Wöllt der Maggi an der Zopp?

Madame: Wârt,ech kommen gleich dohin...
(d'Madame gét aus,d'Mina fiert virun den Dösch ze decken.Vu baussen héiert én: Bääà.ä.ä e Kand kreischen)

Mina: Wién soll dât da schon 'röm sin
(Iwerdém könnt d'Cousine eran ,den Pîr dén kreischt mat der Hand.Hannendrun könnt d'Milly lûssen)

Cousine: (iergert sech) Hei,dién ass am Gârd getrollt
't ass onst d'Milly an der Schold...

Madame: (vun baussen) Kommt an d'Kichen,wescht en ôf

Cousine: (zum Pîr) Kreisch du net,mein hierzegt Schôf

(an engems dass sie sech ömdréint fir aus ze goen,geseit sie d'Milly a sét ganz béis)

Mâch dech vif 'röm an den Gârd
Wann ech kommen,... Médchen...wârt...

(d'Milly léft séier aus,d'Mina deckt virun den Dösch,d'Mattant könnt eran geschlappt an léisst sech anengems dass sie schwetzt op en Stull fâlen)

Mattant: Utsch...wât ass dann elo geschitt...
Utsch...wéi sin ech nach esou midd
An och hongereg derbei
Gött et...utsch...bâl eppes hei

Madame: (vun baussen) Jo, well gét et énzock lass

Cousine: (och vun baussen) Jemmen,en huet d'Box gezrass...

Madame: (an engems dass sie mat engem Zoppekomp eran könnt)
't ass neischt...kommt eran direkt
Onsen Dösch,dién ass gedeckt
't ass 'röm wéi et ömmer wôr
Vive ons Kirmes,och döst Jôr...

(sie kommen alleguer eran,stin öm den Dösch a sangen)
't ass Kirmesdâch...

-Rideau-

J.Steichen.